



deenen dräi Méint, wou mer do sinn, eng grouss Responsabilitéit drun droen, dass d'Direktiv net ëmgesat gouf? Ech mengen, dat war, souguer nuanciéiert ausgedréckt, liicht iwwer-driwwen, wann Der eis dee Reproche do formuléiert hutt. Mä mir sollen zesumme frou driwwer sinn, dass mer deen Text och fäerdeg hunn. An et ass bestëmmt net eleng de Mérite vun der aktueller Regierung, well den Text ass jo scho méi laang ënnerwee. Mä ech mengen, mir kréien herno en eestëmmege Vote, an dat ass d'Haaptsaach.

Den Här Angel weist zu Recht drop hin, dass et hei ëm eppes geet, wat de Lëtzebuerger Territoire bei Wäitem dépasséiert. Hei schwätze mer vun organisierter Kriminalitéit an Europa. A Lëtzebuerg ass een Element an där Ketten. Vlächtt ass d'„Plaque tournante“ dat falscht Wuert, mä Lëtzebuerg ass oft en Element an der Kette vun där doter Form vun organisierter Kriminalitéit. An de GRETA gëtt Lëtzebuerg, mengen ech zu Recht, awer eng relativ positiv Bewäertung, well awer eng ganz Rei Saachen zu Lëtzebuerg geschitt sinn an och amgaange sinn ze geschéien.

Déi amerikanesch Initiativ vum „Trafficking in Persons“, den TIP: Ech si bei enger Entrevue mam amerikanesche Botschafter informéiert ginn, dass d'USA wëlles hätten, Lëtzebuerg hei eng Stuf erofzesetzen. Ech deelen d'Aschätzung vun Här Angel. Ech mengen net, dass dat justifiéiert ass. Ech maachen och do der viregter Regierung kee Reproche. Déi Kritären an déi Bewäertungen, déi gemaach gi sinn, kënnen iwwerraschend sinn, kënnen och absolut diskutéiert a kritiséiert ginn. Mä ech drécken hei just gären d'Hoffnung aus, dass mer op enger nächster Bewäertung vun deeneselwechte Leit zu enger anerer Konklusioun wäerte kommen.

Mä jiddwereen ass dann hei schonn och informéiert, dass mer viraussichtlech nach an deem Mount déi doten nei Bewäertung wäerte kréien. Mä mir mengen net, dass et richtig ass, Lëtzebuerg do an e schlecht Liicht ze stellen.

De Rapport GRETA, deen de Moien an der Commission juridique presentéiert ginn ass, deen e multilateral ass, wéi den Här Angel zu Recht bemierkt huet, stellt eis eng ganz aner Zensur aus. A mir mengen, dass déi méi richtig ass wéi déi, déi mer elo vun den Amerikaner am Joer 2013 ausgestallt kritt hunn.

Dat gesot, soen ech lech nach eng Kéier Merci, wéi gesot, fir den eestëmmegen Appui zu deem Projet de loi. Et ass e ganz wichtege Text. Mir wäerten an dëser Matière hei an deenen nächste Jore mat Sécherheet aktiv bleiwen. An et fänkt u mat enger Informatiounscampagne nach am Laf vum Joer 2014, fir ze sensibiliséieren, fir ze informéieren. D'Matière ass et derwäert. Do si vill Schutzbedierfeger, déi d'Attentioun an d'Protektioun vum Stat brauchen.

Ech soen lech Merci.

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. le Président.**- Merci och dem Här Justizminister.

## Article 5

Ech hu verstanen, dass e Vote séparé iwwert den Artikel 5 gefrot ginn ass vum Här Reding. Beim Artikel 5 geet et drëm, dass och Victimen, déi hir Residenz net hei zu Lëtzebuerg hunn, kéinten indenniséiert ginn. A wann ech richtig verstanen hunn, sidd Dir wéinst Bedenken, dass dat kéint ausufern, domat net d'accord. Ech géif dofir proposéieren...

► **Mme Viviane Loschetter** (*déi gréng*), *rapportrice*.- Ech wollt just preziséieren, wann Der erlaabt, Här Chamberspresident.

► **M. le Président.**- Madame Rapportrice, jo.

► **Mme Viviane Loschetter** (*déi gréng*), *rapportrice*.- Als Rapportrice wollt ech preziséieren, datt, wann ech et richtig verstanen hunn, dem Här Reding a wahrscheinlech och senger Sensibilité politique hire Problem ass, datt eng Persoun, där Schued geschitt ass an engem Drëttland, déi selwer vun engem aneren Drëttland kennt an duerno iergendwann op Lëtzebuerg kennt an da scho wuel hire festen a reguläre Wunnsätz hei huet - well esou steet et am Gesetz -, datt dann déi Persoun kéint kommen a soen: „Lauschtert emol, ech kommen zwar zum Beispill vun de Philippinnen, ech si virun zwee Joer Victime ginn a Kuba. Kuba huet kee Gesetz, fir mech ze indenniséieren. Ech wunnen zwar elo schonn zwee Joer hei regelméisseg zu Lëtzebuerg...

► **M. Roy Reding** (*ADR*).- No de Faiten.

► **Mme Viviane Loschetter** (*déi gréng*), *rapportrice*.- Duerno.

...an ech géif elo gäre vun lech indenniséiert ginn.“ Dat ass méiglech duerch dat heite Gesetz, theoretesch, an der Praxis och. An dat ass dat, wat der Sensibilité politique net passt.

Also, et muss ee schonn e regulären a regelméisseg Sätz zu Lëtzebuerg hunn. Mä wann engem virdrun an engem Land eppes geschitt ass an et kennt ee vun engem aneren, dann...

## (Interruption)

Voilà!

► **M. Gast Gibéryen** (*ADR*).- Voilà!

► **Mme Viviane Loschetter** (*déi gréng*), *rapportrice*.- Dat gefält lech net esou an dofir ass dee Vote séparé. Mä déi Prezisioun ass wichteg, datt ee muss regulär hei wunnen.

Merci.

► **M. le Président.**- Ech hu just eng praktesch Fro, vu dass mer jo de Mëtte schonn eng Kéier iwwert d'Reglement gestëmmt hunn.

Bis elo war et jo ëmmer esou, dass e Vote séparé, wann e gefrot ginn ass, vu fënnf Deputéierten huet missen ënnerstëtzt ginn. Mir hunn zwar wäitgehendst déi Rechter fir eenzel Deputéiert a Sensibilitäten ausgedehnt, mä da géif ech froen, ob fënnf Deputéiert dee Vote séparé ënnerstëtzen.

► **M. Serge Urbany** (*déi Lénk*).- Jo, Här President, mir ënnerstëtzen dee Vote, awer nëmmen aus techneschen an demokratesche Grënn. Mam Inhalt si mer net d'accord a mir wäerten och dee Projet, also deen Artikel, dee contestéiert ass vun der ADR-Sensibilitéit, awer stëmmen. Mä mir ënnerstëtzen de Vote séparé zu deem Artikel.

Dat sollt ofgeschaaft ginn an der Kommissioun, an der Reglementskommissioun, déi Noutwendegkeet, fir fënnf Leit mussen ze hunn. Mä mir hunn awer festgestallt, dass et leider an der Verfassung steet, esou dass et net aus dem Règlement konnt erausgeholl ginn.

An aus deenen Ursachen, mengen ech, Raison de plus: All Kéiers, wann e Vote séparé gefrot gëtt vun engem, deen net genuch Stëmmen huet, wäerte mir dat ënnerstëtzen aus demokratesche Grënn.

## (Interruptions)

► **M. le Président.**- Jo. Ech gi jo net dovun aus, dass dat eng Virukënnegung vun engem Groupe technique ass. Esou hunn ech dat jo...

## (Hilarité)

► **M. Serge Urbany** (*déi Lénk*).- Dat hutt Der ganz richtig verstanen, jo.

► **M. le Président.**- Merci. Da géife mer zum Vote séparé iwwert den Artikel 5 iwwergoen.

## Vote séparé sur l'article 5 du projet de loi 6562

De Vote geet un. Also déi, déi mam Artikel 5 d'accord sinn, stëmme mat Jo, an déi, déi net mam Artikel 5 d'accord sinn, stëmme mat Neen.

D'Votes par procuration sinn och geschitt. Enn vum Vote.

Fir den Artikel 5 si 57 Votanten. Neen: 3, Abstentionen: 0, esou dass den Artikel 5 ugeholl ass.

*Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Luc Frieden, Léon Gloden (par Mme Nancy Arendt), Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Jean-Claude Juncker (par Mme Octavie Modert), Aly Kaes, Marc Lies, Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter;*

*MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel (par M. Roger Negri), Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;*

*MM. Guy Arendt, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur (par M. Lex Delles), M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Marc Hansen, Alexander Krieps, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Eugène Berger);*

*MM. Claude Adam, Henri Kox (par Mme Viviane Loschetter), Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter, M. Roberto Traversini et Mme Christiane Wickler;*

*MM. Justin Turpel et Serge Urbany.*

*Ont voté non: MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.*

Da géife mer iwwergoen zum Vote iwwert den Ensembl vum Projet.

## Vote sur l'ensemble du projet de loi 6562 et dispense du second vote constitutionnel

De Vote ass lancéiert. D'Procuratiounen. Enn vun der Ofstëmmung.

59-mol Jo, 0 Abstentionen a keemol Neen. Domat ass de Projet adoptéiert.

*Résultat définitif après redressement: le projet de loi 6562 est adopté à l'unanimité des 60 votants.*

*Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Luc Frieden, Léon Gloden (par M. Laurent Mosar), Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Jean-Claude Juncker (par Mme Octavie Modert), Aly Kaes, Marc Lies, Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter;*

*MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel (par M. Alex Bodry), Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;*

*MM. Guy Arendt, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur (par M. Gusty Graas), M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Marc Hansen, Alexander Krieps, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Eugène Berger);*

*MM. Claude Adam, Henri Kox (par Mme Viviane Loschetter), Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter, M. Roberto Traversini et Mme Christiane Wickler;*

*MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding;*

*MM. Justin Turpel et Serge Urbany.*

Sidd Der d'accord, fir d'Dispens vum zweete verfassungsméisseg Vote ze ginn?

## (Assentiment)

Dat ass dann esou décidéiert.

Villmools Merci.

Mir géifen dann zum nächste Punkt iwwergoen. Dat ass de Projet de loi 6563A, eng Ofännerung vum Gesetz iwwert d'Attachés de justice. Riedezäit nom Basismodell. Et hu sech bis elo ageschriwwen: den Här Roth, d'Madame Beissel, den Här Bodry.

An déi honorabel Deputéiert, d'Rapportrice, d'Madame Viviane Loschetter, huet d'Wuert.

## 10. 6563A - Projet de loi portant modification

### 1) de la loi du 7 juin 2012 sur les attachés de justice;

### 2) de la loi modifiée du 7 novembre 1996 portant organisation des juridictions de l'ordre administratif

## Rapport de la Commission juridique

► **Mme Viviane Loschetter** (*déi gréng*), *rapportrice*.- Voilà, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, just eng kleng Remarque introductive: Dës Regierung ass ugetruede mat deem ambitiësen Zil, eise Justizapparat ze moderniséieren.

## (Interruption)

D'Justiz och, richtig.

► **M. le Président.**- Loosst lech net oflenken, Madame Rapportrice!

## (Hilarité)

► **Mme Viviane Loschetter** (*déi gréng*), *rapportrice*.- Ech ginn dem Här Kartheiser awer recht. Mä bon, nach eng Kéier: De Justizapparat ze moderniséieren. D'Justiz an d'Aart a Weis, wéi se fonctionnéiert, soll un d'Ufuerderung vun der heiteger Zäit ugepasst ginn. Si soll méi séier kënnen fonctionnéieren an awer den Usproch erfëllen, d'Prinzipie vum Rechtsstat ze respektéieren. Si soll dem Bierger méi kloer verständlech sinn an natierlech fir jiddwereen zougänglech sinn.

Dës héich Uspréch wäerte mer an deene kommende Méint a Joer mat konkrete Reformspropositionen ugoen. An ech si frou, lech haut kënnen en éischte kleng Schrëtt vun dësem Prozess duerzeleeën.

Mam Gesetzesprojet 6563A, deen haut zum Vote steet, schafe mer déi legal Basis fir d'Mutabilitéit vun de Magistraten tëscht de Juridictionen. Si kënnen also an Zukunft vum Ordre administratif an den Ordre judiciaire wiesselen an ëmgedréint. Gläichzäiteg erlaabt d'Gesetz

och en Engagement vun zwee neie Jugë fir den Tribunal administratif.

De Projet de loi 6563 gouf den 11. Abrëll 2013 vum deemolege Justizminister Biltgen déposiert. Et goufen zwou Serie vu Regierungsamendementen: déi éischt am Juni an déi zweet am September 2013. De Conseil d'État huet a sengem Avis vum 2. Juli 2013 der Chamber proposéiert, de Gesetzesprojet an zwee Deeler opzedeele, fir datt d'Ästellung vun deenen zwee Juges fir den Tribunal administratif, déi do dréngend gebraucht ginn, esou séier wéi méiglech kann iwwert d'Bühn goen.

D'Commission juridique an hirer neier Besetzung huet dëser Urgence Rechnung gedroen, esou datt mer haut den éischten Deel vum ursprëngleche Projet de loi scho kënnen stëmmen.

Eng zweet Ursach ass sécherlech och déi, ech kommen herno nach eng Kéier drop zrëck, datt mer elo déi éischt Stagiairen hunn, déi elo erauskommen - drécken ech mech emol esou aus -, an déi solle scho kënnen vun deene Méiglechkeeten vun der Mutabilitéit profitéieren. Dofir ass d'Urgence och nach eng Kéier esou wichteg, fir datt mer dee Gesetzesprojet grad elo stëmmen, fir deene Stagiairen déi Méiglechkeet ze erlaben.

Erlaabt mer, dann nach e puer Wierder iwwert de Fong awer vum Gesetzesprojet ze verléieren: 1996 goufen d'Juridictions administratives geschafen an hir Organisation huet sech gréisstendeels un de Juridictions judiciaires inspiréiert, esou wéi se am Gesetz vum 1980 beschriwwen sinn.

E groussen Ënnerschied war awer, datt d'Magistraten am Ordre administratif direkt genannt goufen, ouni duerch e Stage ze goen. Déi Leit hunn hire Beruff missen direkt am Alldag léieren, wat natierlech eng schwierig Situatioun duergestallt huet.

Dëst gouf dunno awer mam Gesetz vum 7. Juni 2012 geännert, an zanterhier mussen d'Magistraten en obligatoresche Stage duerchlafen, egal ob se herno an den Ordre judiciaire oder an den Ordre administratif genannt ginn.

Elo, wou déi zwee Regimen uneneen ugeglaach goufen, gëtt et dann och méiglech, d'Mutabilitéit tëscht deenen zwee Ordres anzeféieren. Dat wëlle mer mat dësem Gesetz erreechen. Dës Mutabilitéit ass wichteg fir d'Attraktivitéit vum Beruff: Si verhënnert nämlech, datt d'Attachéen direkt am Ufank vun hirer Carrière mussen e Choix treffen fir deen een oder deen aneren Ordre, net onbedéngt en fonction vun hire Präferenzen oder hirer berufflecher Erfahrung, mä eben en fonction vu Plazen, déi grad dee Moment op sinn, an datt se da souze-soen „liewenslänglech“ kréien, ouni d'Méiglechkeet ze hunn, vun engem Ordre eriwuerziewiesselen, oder ouni Verloscht vun hirer Anciennetéit.

Den Artikel 1 vum Gesetzesprojet ännert d'Gesetz iwwert d'Justizattachéen of a féiert en neien Artikel 17 an.

De Paragraph (1) féiert d'Mutabilitéit an. D'Magistraten aus dem Ordre judiciaire oder dem Ministère public kënnen an Zukunft an den Ordre administratif eriwuerziewiesselen an ëmgedréint. Am Ordre judiciaire kënnen se natierlech och weiderhi vun engem Siège bei de Parquet wiesselen.

De Paragraph (2) vum neien Artikel 17 organiséiert dës Mutabilitéit an der Praxis. Mir brauchen nämlech e Rang commun vun de Magistraten an deenen zwou Juridictionen. Well d'Nominatiounen an deenen zwee Ordren awer bis zum Gesetz vum 2012 därmoosse verschidde gehandhabt gi sinn, wäert de Rang commun, an domadder d'Mutabilitéit just fir déi Magistraten am neie Regime ab 2012 gellen.

Am Ordre judiciaire ginn et Conseillere a Jugen. Am Ordre administratif ginn et just Jugen. En éischte Schrëtt besteet also doranner, de Rang vum Conseiller am Ordre administratif anzeféieren.

Wann dëst Gesetz bis gestëmmt ass, gëllen an deenen zwou Juridictionen identesch Regeln, fir de Rang vun de Magistrate festzeleeën. Dat, wat dann nach feelt, ass eng gemeinsam Ranglëscht fir sämtlech Magistraten aus deenen zwee Ordren. Fir dës gemeinsam Ranglëscht festzeleeën, brauche mer eng Prozedur, an déi déi zwee Ordre mat agebonne ginn.

Wat mer hei am Gesetzesprojet proposéieren, inspiréiert sech un der Prozedur, fir d'Membere vun der Cour Constitutionnelle ze nennen. Hei kommen déi zwou Cours supérieures, déi eng vun der Justiz an déi administrativ, an enger Assemblée générale zesummen, fir d'Conseillere vun der Cour Constitutionnelle ze nennen. Esou eng Assemblée générale vun deenen zwou Cours géif dann déi gemeinsam Ranglëscht vun de Magistraten aus deenen zwee Ordre festleeën. Domadder wäeren dann och an





der Praxis d'Weiche gestallt, fir d'Mutabilitéit vun de Magistraten ëmzesetzen.

Komme mer zum Artikel 2 vum Gesetzesprojet, dee féiert en neien Artikel 71-1 an d'Loi modifié vum 7. November 1996 portant organisation des juridictions de l'ordre administratif an. De Grand-Duc kann, sur avis vun der Cour administrative, Conseiller-honorairé vun der Cour administrative nennen, souwéi och d'Présidenten, d'Premiers vice-présidents, d'Vice-présidents, d'Premiers juges an d'Juges.

An deene 17 Joer, an deenen et d'Jurisdiction administrative gëtt, also zënter 1996, huet sech de Contentieux administratif enorm entwéckelt. Aktuell schaffen eefel Jugé vollzäit um Tribunal administratif op den Dossieren an hu Krämpes, d'Dossiere fristgerecht ze evakuéieren.

D'Zuel vun den Affären, déi eragereecht ginn, ass permanent amgaangen ze klammen. Besonnesch am Beräich Asyl gouf et eng regelrecht Explosioun, während an anere Beräicher, wéi zum Beispill de Steieren, der Ëmwelt an dem Urbanissem d'Zuel vun den Affären zwar net esou dramatesch geklommen ass, déi dofir awer ëmmer méi komplex ginn. Den Artikel 3 vum Gesetzesprojet erlaabt et der Regierung, zwee nei Jugé fir den Tribunal administratif anzustellen, déi do eben dréngend gebraucht ginn.

Voilà, dat wär a kuerzen, méiglechst einfachen Zich mäi mëndleche Rapport, meng mëndlech Erklärung zu deem Projet de loi, dee wierklech erwaart gëtt, dee wichteg ass a fir deen ech och dofir direkt d'Zoustëmmung vun der grénge Fraktioun ginn.

Merci.

► **M. le Président.**- Merci der Madame Loschetter. Rëschen agedroene Riedner ass den Här Gilles Roth.

### Discussion générale

► **M. Gilles Roth** (CSV).- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll fir d'Éischt der Madame Loschetter, der Rapportrice an och der Presidentin vun der Commission juridique, Merci soe fir hire schrëftleche Bericht, awer och fir déi konkret Ausféierungen, déi se haut mëndlech hei virun der Chamber gemaach huet.

Dëst ass e klengen, mä et ass e wichtege Projet de loi. Et ass u sech d'Fortsetzung vun enger gréisserer Reorganisatioun vun eiser Justiz, déi mer mat engem Gesetz vum 7. Juni 2012, also ënnert der fréierer Regierung schon, ugefaangen haten. De Gesetzesprojet vun haut, dee geet och nach op déi fréier Regierung, d'Justizministere Biltgen an d'Madame Modert, zrëck.

Et ass och dofir net verwonnerlech, dass mir dese Projet wäerte stëmmen, awer net nëmmen dowéinst. Firwat? Mä den éischte Punkt ass deen, d'Madame Loschetter huet dat ënerstrach, dass an Zukunft de Magistrat vun dem Verwaltungsgericht ka wiesselen, souwuel bei de Parquet wéi och bei d'Zivilgeriichter. Dat ass sécherlech am Interess vum de Magistraten, well déi eigentlech am Laf vun hirer Carrière hiren Interessegebiddere kënnen nogoen an natierlech och domadder iwwer hir Carrière hir Expérience an deene verschiddenen Domäne vun der Gerichtsbarkeit kënnen steigern.

Dat Ganzt ass awer och am Interess vum Bierger. Well duerch de Fait, dass e Magistrat vun dem Verwaltungsgericht bei d'Zivilgeriichter wiesselt, kënn natierlech och déi Expérience, déi vun deem engen Ordre judiciaire an deen anere gedroe gëtt, och dem Bierger zegutt. An et gesäit een, dass a ville Fäll vun de Jurisdiction-administrativ ganz vill Répercussionen herno och bei d'Zivilgeriichter kommen.

E klasescht Beispill ass zum Beispill dat vun enger Baugenehmung. Eng Baugenehmung, déi bei engem Verwaltungsgericht, aus welchen Ursachen och ëmmer, annulléiert gëtt, déi kann herno och zu zivilrechtleche Konsequenze virun de Jurisdiction-judiciairé féieren. Dofir ass dat hei net nëmmen am Interess vum de Magistraten, mä et huet och e konkrete Sënn fir d'Bierger. An d'CSV steet selbstverständlech zu der Mobilitéit vun de Magistraten.

En zweete Punkt ass deen, dass mat dem Gesetzesprojet grad wéi mat den Amendementer eigentlech zwee weider Riichterposten um Verwaltungsgericht geschafe ginn. D'Madame Loschetter huet zu Recht gesot, dass eigentlech zënter der Schafung vun der Jurisdiction administrative am Joer '96 d'Zuel vu den Affären insgesamt explosiv an d'Luucht gaangen ass. Dat huet natierlech dermat ze dinne, haaptsächlech doduerch, dass mer mat Ex-Jugoslawien ganz vill Asylfroen hunn, mä och mat Recht sinn eng ganz Rei vu Steieraffären derbäikomm a komplex Urbanismusaffären.

Ech mengen, dass et awer net nëmmen un der Natur vun den eenzelnen Affären hänkt, mä et

hänkt virun allem och dermat zesummen, dass zënter der Schafung vun de Verwaltungsgerichter d'Leit vill manner Hemmungen hunn, e Recours géint eng administrativ Décisioun ze maachen, wéi dat nach fréier war beim Comité du contentieux vun dem Stat, wou d'Leit dann hu missen awer en Avocat à la cour hunn an - ech soen do - e gewësst Zréckhalen haten, fir eng Décisioun vun enger Verwaltung unzefechten.

Den Avantage vun dem Verwaltungsgericht ass deen, dass de Bierger eigentlech a ganz kuerzer Zäit en Uerteel iwwer eng administrativ Décisioun kritt. An et huet och en demokratesche Legitiméierungsprozess vun de Verwaltungsdécisionne mat sech bruecht. Firwat? Mä well ganz vill Verwaltungen, sief dat d'Gemeengen, sief dat de Stat oder sief dat d'Verwaltungen, déi vun deenen Institutionen ofhänken, natierlech hir Décisionen am Laf vun der Zäit der Jurisprudenz, der Rechtssprechung vun dem Verwaltungsgericht upassen. An dee Moment ass och d'Akzeptanz vun de Verwaltungsdécisionne bei den eenzelne Bierger vill méi grouss. Dofir steet d'CSV och zu der Schafung vun deenen zwee zousätzleche Riichterposten.

Mir hoffe just, Här Justizminister, dass déi zwee Riichterposten, déi jo elo geschafe ginn, dass déi awer net den ugekënnegte Spuermoossnamen, wéi de Finanzminister eis se d'Iescht Woch hei op deser Plaz virgedroen hat, zum Affer falen. Well d'CSV, mir stinn zu engem moderne Rechtsstat, an e moderne Rechtsstat, dee brauch och eng performant Justiz an dofir och déi néideg Effektiver, dat am Interess vum Bierger.

Dofir ginn ech och ouni Zwang a mat fräiem Gewëssen d'Zoustëmmung vun der CSV-Fraktioun zu deem Gesetzesprojet.

Ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. le Président.**- Merci dem Här Roth. Nächst Riednerin ass d'Madame Simone Beissel.

► **Mme Simone Beissel** (DP).- Här President, Här Justizminister, léif Kollegeinnen a Kollegen, ech wëll och fir d'Éischt der Madame Rapporteur Viviane Loschetter villmools Merci soe fir hiren ausféierleche Bericht.

De Contentieux administratif, an dofir par ricochet d'ganz Jurisdiction-administrativ si jo eng vun de siwe Garanties constitutionnelles, déi eise Rechtsstat hei zu Lëtzebuerg an der Riicht halen, well se automatesch d'Rechter an d'Fräiheete vun eise Bierger schützen. Dofir ass et extrem wichteg, dass mer gutt fonctionnéieren, performant Verwaltungsgerichter hunn, well déi effektiv de Garant sinn, dass dat alles fonctionnéiert, d'Verwaltungsgerichter mat motivéierte Magistraten an der genügender Zuel gradesou wéi Attachéen a Greffieren.

De virleende Projet de loi geet absolut an déi richteg Richtung, well en erlaabt et ebe just, eise Justizsystem nees eng Kéier ze stäerken an och nach méi flexibel ze maachen, haaptsächlech bei den Attachés de justice, wat jo u sech angehend Magistrate sinn.

Den Text wäert also den Attachés de justice et erlaben, eben zwëschen dem Ordre judiciaire an dem Ordre administratif während der Carrière ze wiesselen. Dat berühmte Wuerd vu Mutabilitéit, wat andauernd an deem Projet erauskënn, seet dat jo ganz kloer. Well, et ass jo deeselwechte Stage, deen d'Grondbedingung ass, fir iwwerhaupt do an deem Secteur virunzekommen.

Bis dato war dat cloisonnéiert an et mécht Sënn, dass déi Leit eben, déi de Grondstage maachen, awer dee Moment kënnen hin- an hierwiesselen, an dee Secteur goen, wou se am meeschte kënnen zu der Evolutioun vun eise Gerichter an notament vun eiser Jurisprudenz bäidroen, an notament hier perséinlechen Aspiratiounen Rechnung droen.

Wat den zweeten Aspekt vun deem Projet ugeet, dat heescht d'Opstockung vun der Zuel vun de Magistrate vun 11 op 13, ass dat eng absolut Nécessitéit. Et ass virdu vu ville Bänken hei ugeklongen, wat fir eng Explosioun mer hu vu Recoursen, notament virun de Verwaltungsgerichter, well et ass e bëssen esou „in“ fir eng Prozesswut ze hunn, wou de Motto ass: „Mir loosse eis näischt méi gefalen!“ An et sinn extrem vill Leit, déi elo wierklech ëmmer Loscht hunn, fir Recoursen ze maachen.

Mir wëssen, dass ganz vill Dossiere sinn an dem ganze Secteur vun den Asylgesucher. Mä mir hunn och ganz vill Saachen, Steierrecoursen an och Ëmweltproblematiken, déi virun de Verwaltungsrichter landen.

An ech muss soen, ech kann nëmmen eise Magistrate vun eise Verwaltungsgerichter féliciteieren, well se wierklech an engem Délai raisonnable, wat virun anere Gerichter net ëmmer méiglech ass, Uerteeler ginn, fir eben och

eng gutt Justice ze garantéieren am Interesse vun eise Bierger.

Et ass eng riseg Inflation vu Recoursen, déi u sech eist Verwaltungsgericht markéieren, an dofir ass et gutt, dass dat do opgestockt gëtt.

Esou gesot, ech mengen, mir sinn eis eens, dass déi zwou Mesurë positiv sinn, an dofir wëllt ech och mat Freed den Accord vun der DP-Fraktioun zu deem Projet ginn.

Ech soen lech Merci.

► **M. le Président.**- Merci der Madame Beissel. Als nächsten huet d'Wuert den Alex Bodry.

► **M. Alex Bodry** (LSAP).- Här President, Kollegeinnen a Kollegen, e puer Wuert och vusäite vun der sozialistescher Fraktioun zu deem heiten Text, wat, mengen ech, u sech elo den zweeten Deel ass vun enger Reform, déi an der leschter Legislaturperiod gemaach ginn ass, wat d'Attachés de justice ugeet, wat d'Formation vun den Attachés de justice ugeet, wat hire Statut ugeet.

D'Attachés de justice sinn, dat muss ee wëssen, awer e wichteg Element an de Rouagë vum Fonctionnement vun eise Justizwiesen. Et ass den ënneschte Grad eigentlech vun de Magistraten, mä si ginn awer oft gebraucht, och natierlech fir anzespangen op där enger an anerer Plaz, wa sech ergëtt, dass Plazen op sinn an der Jurisdiction.

Dofir ass et, mengen ech, wichteg, dass een déi néideg Flexibilitéit an dee ganze System erabréngt an u sech och hei e weidere Schratt mécht, fir de Cloisonnement zwëschen de Jurisdictione vum Ordre judiciaire an de Jurisdictione vum Ordre administratif e bëssen ze duerchbriechen a méi Permabilitéit eigentlech an dee ganze System ze bréngen, duerch déi Méiglechkeet, wéi gesot, dass d'Attachés de justice kënnen fräi mutéiere vun engem Ordre an deen aneren. Dat ass, mengen ech, am Intérêt fir e gudder Fonctionnement vun eiser Justiz, dass mer deen heite Schratt maachen.

Et muss een - a verschidde Virriedner hunn dat och schonn ugedeit - drop hiweisen, dass eigentlech déi Reform aus dem Joer 1996 sech als richtig erweisen huet, fir sengerzäit d'Optioun ze huelen, fir en extraen Ordre fir den administrativen Deel vun der Justiz hei zu Lëtzebuerg anzeféieren. Et war jo och d'Optioun um Dësch, fir eigentlech dat ze fusionéiere mat de bestehenden Ordres judiciaires.

Et huet sech erausgestallt, dass domadder virun allem konnt garantéiert ginn, wat net esou evident ass, dass u sech awer virun allem och déi Prozesser sech a relativ geuerdneten Délaien an, mengen ech, och akzeptabelen Délaien ofspillen, wat net ëmmer méiglech ass op de Jurisdictione vum Ordre judiciaire, wou een awer, géif ech soen, vill manner strikt Délaien huet, wat d'Prozeduren ugeet, a wou deen heite Wee, mengen ech, déi Gesetzgebung aus den 90er Joren, sech als richtig gewisen huet an zur Zefriddenheet vun de Justiciables fonctionnéiert, awer sécherlech och vun deene Leit, déi professionell mat deenen dote Jurisdictionen ze dinne hunn.

Am Ufank sinn natierlech déi éischt Riichter genannt ginn, ouni dass se e Stage gemaach hunn. Si si jo eigentlech vun aneren Ordres komm, respektiv haaptsächlech aus dem öffentlichen Verwaltungssektor komm. Dat ännert elo. Och si wäerten an Zukunft mussen dann e Stage maachen, wat eigentlech och ganz richtig an och ganz gutt ass.

Et ass wouer, dass déi Verwaltungsjurisdiction Zousproch fonnt huet, dass méi Reklamatiounen agereecht ginn, dass do vläicht eng Rei vun Hemmschwellen duerchbrach si ginn, wou och de Justiciable haut éischter eng Verwaltungsdécisioun ufecht, well och déi Jurisdiction gewisen huet, dass se indépendante ass an do-duerjer vläicht och markéiert ass, dass eng Rei vu Riichter anfänglech och aus dem Zivilgerichtsberäich komm sinn, wou eng aner Attitüd vläicht ass, méi protectrice fir de Justiciable, wéi dat virdu an Comité du contentieux vum Conseil d'État de Fall war, wou et awer eng Rei vu Jurisprudenze ginn huet, déi, géif ech soen, wéi dat och zum Beispill a Frankräich an anere Länner üblech ass, éischter och den Intérêt vum Stat eigentlech als ee vun de Gesichtspunkte berücksichtegt hunn, deen de Riichter misst a Considérationen huelen, an wou net esou séier vläicht ëmmer den Intérêt vum Justiciable als prioritär betruecht ginn ass.

Dat ass, mengen ech, hei net de Fall. Hei ass u sech eng Ugläichung e bësse vun de Jurisprudenzen komm, wéi se och schonn op den Zivilgerichter hei zu Lëtzebuerg waren. An ech fannen dat eigentlech keng schlecht Saach, dass déi Entwécklung esou war, och wa selbstverständlech a ganz ville Beräicher déi Jurisprudenz vum Comité du contentieux vum Statsrot weidergefouert ginn ass vun deenen neie Jurisdictionen.

Richtig ass, mengen ech, och, dass mer hei décidéieren - an dat geschitt hors numerus

clausus, esou dass also déi heiten zwee Posten net an deenen 150 Posten dra sinn, déi d'Regierung hei am Numerus clausus festgehalen huet, wat nei Emploie beim Stat betrëfft -, dass mer also och vun 11 op 13 eropginn, wat d'Zuel vun de Riichtere beim Tribunal administratif ugeet.

Net virgesinn ass deementspreechend eng Opstockung um Niveau driwwer, um Niveau Appel bei der Cour administrative. Do schéngen also dach awer eng Rei vu Prozesser net onbedéngt an den zweete Prozess eranzegoe virun der Cour administrative, soss misst een do natierlech och virgesinn, dass do dat néidegt Personal bäikënn, fir dass déi Prozesser an deene gesetzlechen Délaien do kënnen oflafen.

Dat gesot, géif ech dann och hei ausdrécklech den Accord vun der sozialistescher Fraktioun zu deem heite Gesetzesprojet abréngen.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. le Président.**- Merci och dem Här Bodry. Ech hu kee weideren ageschriwwene Riedner. Domat wär d'Wuert dann un der Regierung. Här Justizminister.

► **M. Félix Braz**, *Ministre de la Justice*.- Merci, Här President. Och nach eng Kéier e grouse Merci un d'Madame Loschetter als Presidentin vun der Commission juridique an och stellvertretend da fir déi ganz Kommissioun. Merci fir de Rapport, de mëndlechen an och de schrëftlechen.

De François Biltgen, ee vu menge Virgänger am Amt, huet oft hei an der Chamber gesot, e géif bedauern, dass d'Projete vun der Commission juridique net déi néideg Unerkennung dobaussen hätten, och wa se vu Bedeitung wäeren. Se géifen oft e bëssen ënner Wäert verkaaft ginn, well se vläicht net dee groussen Intérêt oder déi grouss Spannung auslösen, mä déi sinn awer fir de Fonctionnement vun der Justiz vu ganz grousser Bedeitung.

Dat hei ass erëm ee vun deene Projeten, déi mat Sécherheet net wäerte vill Diskussiounen an de Medien an och bei de Leit auslösen, mä déi awer fir de Fonctionnement mat Sécherheet vu grousser Bedeitung sinn.

Ech widderhuelen net nach eng Kéier d'Elementer an d'Argumenter vun de Virriedner, déi ech alleguete kann deelen an ënnerstetzen.

D'Stéchwuert vun der Mutabilitéit ass e ganz wichteg. Dat wäert am prakteschen Alldag vum Fonctionnement vun der Justiz méi wéi eng Kéier äusserst hëllefträich kënnen sinn. Mä wie Mutabilitéit seet, seet natierlech och, dass mer mussen e Rang commun aféiere fir allequerten d'Leit, déi elo aus dem Stage erauskommen, fir d'Attachéen, déi no dem Gesetz vum 7. Juni 2012 hire Stage elo ofschléissen.

Déi Éischt sinn esou wäit. Et hunn 13 Leit dee Stage elo ofgeschlossen, an déi wäerten dann och elo de Choix hunn tëschent béiden Ordren, wou se da wëllen an Zukunft schaffen. Dofir war et och noutwendeg, dëst Gesetz ze beschleunegen, fir dass mer déi doten Nominatiounen scho kënnen virhuelen no de Regele vun där neier Mutabilitéit, an dat wäert och zimlech genee à quelques jours près méiglech sinn. Dofir och nach eng Kéier Merci dem Statsrot an och der Kommissioun, dass esou séier geschafft ginn ass.

Dee Rang commun kritt natierlech kee retroaktive Charakter. Op dee Rang commun kënnen nëmmen déi Leit kommen, déi no den neie Regeln als Attaché de Stage hanneru sech hunn.

Fir déi Leit - den Här Bodry huet et ugeschwat -, déi vun der Fusioun vun deenen zwee Ordres schwätzen: déi Leit, déi mengen, dass elo grad dëst Gesetz scho vläicht am Keim d'Fusioun vun den zwee Ordres huet, do mengen ech, souwäit kann een dat net soen. Mä Fakt ass awer effektiv mat deem neie Rang commun: Wann elo nach eng 30 Joer erëm sinn, hu mer iergendwann eng Kéier just nach ee Rang, nämlech deen, deen elo nei ufängt. Deen ass da gemeinsam. Wann dann eventuell an 30 Joer eng spéider Regierung oder eng spéider Chamber op d'Iddi kéim, fir déi Fusioun wëllen ze maachen, da wäre schonn zumindest déi Komplikatiounen, déi sech haut géife stellen, dann net méi do, well mir hätten da just nach ee Rang commun. Et ass also net den Ufank onbedéngt dovun, mä et géif awer hëllefen, wa Leit eng Kéier op deen dote Gedanke géife kommen.

Wichteg ass och, nach eng Kéier ze rappeléieren, dass déi Reform vun 2012 jo net nëmme formal eppes geännert huet, mä wierklech och an der Ausbildung vun den angehende Riichter Wesentleches verbessert huet: Et ass net nëmmen eng Saach vu Connaissancen, déi ee sech





ugeléiert huet, mä et ass och eng Saach vu mënschleche Kompetenzen. Et gëtt ee jo schliesslech och, wann ech esou däerf soen, op Mënsche lassgelooss, an dofir sinn déi nei Kritären, déi an deem Gesetz vun 2012 festgeluecht gi sinn, vu grousser Bedeitung.

An den Här Roth huet zu Recht gesot, dass dat heiten eng Reform ass an zwou Etappen. Dat war déi éischt Etapp, an haut maache mer déi zweet Etapp fäerdeg. An zesummen, mengen ech, si mer haut wesentlech besser opgestallt, fir Riichter unzezielen, wéi mer dat nach virun e puer Joer waren.

Zu deenen zwee zousätzleche Riichter vum Tribunal administratif, den Här Bodry huet et gesot, déi fale mat Sécherheet net ënnert d'Spuermoossnamen. Déi si fest virgesinn an et ass och noutwendeg. Ech ginn lech just e puer Zuelen. Vun 2008 op haut hu mer iwwer 800 Jugementer gehat am Joer 2008/2009, da gläichzäiteg nei Affären: 954. Am Joer 2011/2012 louche mer schonn no bei 1.100, also 40% méi Jugementer wéi nach dräi Joer virun. A bei den Affären, déi nei déposiert gi sinn, sinn et der 2.100. Dat ass méi wéi dat Duebelt vun neien Affäre pro Joer wéi dat, wat 2008/2009 nach déposiert ginn ass. Dir gesitt also do ganz daitlech e ganz staarken Trend no uewen.

D'Attraktivitéit huet natierlech..., d'Hemmschwell ass scho beschriwwen ginn. Et huet och domat ze dinn, dass d'Indépendance vun de Riichter, wéi den Här Bodry gesot huet, unerkannt gëtt an akzeptéiert gëtt. An et huet awer och domat ze dinn, dass um Verwaltungsgeriicht an op der Cour d'Jugementer relativ séier kommen. Wann een als Justiciable mat enger Situatioun onzufrieden ass an do eng Perspektiv huet, relativ séier, wat haut de Fall ass, eng Antwort vun engem Geriicht ze kréien, dann ass och natierlech d'Propensioun, fir virun dat Geriicht ze goen, méi grouss wéi wann ee seet: Bof, dat dauert elo souwisou Joren, da méchs de et eben net."

Also, d'Effikassitéit vum Geriicht suergt gläichzäiteg och derfir, dass méi Leit virun d'Geriicht ginn. Et ass also e bëssen och Affär vum eegenen Erfolleg, wann een esou ka soen. Dofir wäerte mer mat Sécherheet déi zwee do brauchen. Mir sinn da bei 13 Riichter no deem Vote vun haut, bei der Cour si mer nach ëmmer bei fënnf zënter '96. A mat deenen Zuelen, déi ech lech genannt hunn, gesäit een awer och, dass och do déi Situatioun net méi allze laang haltbar ass.

Och um Niveau vun der Cour wäert geschwënn eng Verstärkung musse kommen, besonnesch wann eng Diskussioun, déi scho méi laang leeft, géif zu Enn goen, nämlech d'Diskussioun, ob d'Verwaltungsgerichtsbarkeete sollen zoustänneg ginn net nëmme fir déi direkt Steieren, fir de Contentieux bei den direkte Steieren, mä ob se och sollen zoustänneg gi fir de Contentieux bei den indirekte Steieren. Dat ass eng Optioun. Et schwätzt eigentlech näischt dergéint. Mä spéitstens wann dat dote géif beschloss ginn, da misst definitiv iwwer eng Verstärkung och vun de Capacitéite vun der Cour administrative diskutéiert ginn.

Dat gesot, soen ech lech nach eng Kéier Merci fir och hei hoffentlech déi eestëmmeg Zoustëmmung fir dese vläicht onspektakulären awer ganz wichtige Projet fir eis zivil an och judiciaire Geriichter.

► **M. le Président.**- Merci dem Här Justizminister. Mir géifen dann zum Vote iwwert de Projet de loi 6563A iwwergoen.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi 6563A et dispense du second vote constitutionnel**

De Vote ass lancéiert. D'Procuratiounen. De Vote ass eriwwer.

► **M. Alexander Krieps (DP).**- Ech misst mat Jo stëmmen, mä mäin Apparat geet net, seet den Här Berger.

► **M. le Président.**- Okay, mir maachen dat. Jo, ech hunn dann elo 59 Jo-Stëmmen, vläicht ginn et der da 60, wann den Här Krieps erëmfonnt gëtt.

Majo, dann ass de Projet de loi 6563A ugehall.

*Résultat définitif après redressement: le projet de loi 6563A est adopté à l'unanimité des 60 votants.*

*Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Luc Frieden, Léon Gloden (par M. Marcel Oberweis), Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Jean-Claude Juncker (par M. Claude Wiseler), Aly Kaes, Marc Lies, Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis,*

*Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes (par Mme Nancy Arendt), Claude Wiseler et Michel Wolter;*

*MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel (par M. Roger Negri), Franz Fayot (par M. Alex Bodry), Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;*

*MM. Guy Arendt, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur (par M. Lex Delles), M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Marc Hansen, Alexander Krieps, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Eugène Berger);*

*MM. Claude Adam, Henri Kox (par Mme Viviane Loschetter), Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter, M. Roberto Traversini et Mme Christiane Wickler;*

*MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding;*

*MM. Justin Turpel et Serge Urbany.*

An ech froen lech: Sidd Der bereet, d'Dispens vum zweete verfassungsméisseg Vote ze ginn?

**(Assentiment)**

Mat grousser Majoritéit Jo dann. Merci.

Da gi mer zum zweeteschte Projet eriwwer. Dat ass de Projet de loi 6609, eng Ofännerung iwwert d'Organisatioun vun der Partie forestière. Fir dat dann op gutt Lëtzebuergesch ze soen, dat sinn déi Dispositiounen, déi gëlle fir d'Exploitatioun vun effentleche Bëscher, da gëtt dat e bësse méi kloer. A fir dass et nach méi kloer gëtt, ginn ech dem honorabele Rapporteur, dem Här Max Hahn, d'Wuert.

## 11. 6609 - Projet de loi modifiant l'ordonnance royale grand-ducale modifiée du 1<sup>er</sup> juin 1840 concernant l'organisation de la partie forestière

**Rapport de la Commission de l'Environnement**

► **M. Max Hahn (DP), rapporteur.**- Här President, Dir Dammen, Dir Hären, bal d'Halbschent, fir genee ze sinn 49,9% vun de Lëtzebuurger Bëscher sinn an effentlecher Hand. An Hektaren ausgedréckt sinn dat ongeféier 44.400 ha Bësch. Mir hunn dofir eng grouss Verantwortung, fir des Bëscher no nohaltege Prinzipien ze géréieren an derfir ze suergen, dass eise Bëschbestand op Dauer erhalen a gesond bleift.

Leider ass eis aktuell Gesetzgebung iwwert déi effentlech Bëscher vereelt an entsprécht net méi der gängiger Praxis an den internationale Standarden vun enger gudder Bëschgestioun. Dëst ass och net weider verwonnerlech, well si datéiert vun 1840 an ass domadder just ee Joer méi jonk wéi Lëtzebuerg onofhängeg ass. Dës Ordonnance staamt nämlech nach vun eise eische Groussherzog, dem Wëllem I., deen ee Joer méi spéit zugonschte vum Wëllem II. ofdanke sollt.

Geännert ass des Ordonnance grand-ducale och nëmme eng Kéier ginn, an dat ass och scho ganz laang hier, an zwar 1920, an zwar deemools vun der frëschgebakener Grande-Duchesse Charlotte. Dës Ordonnance schreift vir, dass an allen effentleche Bëscher, also engem Bësch, deen dem Stat, enger Gemeng oder engem Établissement public gehéiert, e sougenannte Plan d'aménagement muss existéieren, deen net méi al wéi zéng Joer däerf sinn.

Eng modern Bëschgestioun verlaangt awer eng gréisser Flexibilitéit. A besonnesch fir kleng Bëscher mécht d'Erstelle vun engem Aménagementsplang weder ekologesch nach ekonomesch Sënn. D'Aarbechten, déi an engem klengen Bësch ufalen, leien zäitlech oft wäit ausserneen. Och fir mëttelgrouss Bëscher ass den Aménagementsplang net dee richtegen Outil. Opgrond vu staarker Fluktuatiounen vun engem Joer op dat anert ass et kaum méiglech, e regelméisseg Ofholze virzugesinn.

E vereinfachte Plang bitt sech ganz am Sënn vun der Simplification administrative un. Mat dem virleiende Gesetzesprojet droe mir deem Rechnung: Déi aktuell 137 Bëscher mat enger Fläch ënner 20 ha sollen an Zukunft kee Plan d'aménagement méi brauchen. Do geet de jährleche Gestionsplang duer. Déi aktuell 53 Bëscher mat enger mëttelgrousser Fläch tëscht 20 an 150 ha brauche just nach e vereinfachten Zéngjoresplang. A just nach déi aktuell ongeféier 250 Bëscher mat enger Fläch iwwer 150 ha behalen d'Obligatioun vun engem Aménagementsplang.

Fir eng nohaltege Forstwirtschaft ze garantéieren an awer gläichzäiteg e legale Kader fir Bëscher ouni Aménagementsplang ze schafen, gesäit de Gesetzesprojet vir, dass an esou Fäll maximal e Volume vun dräi Véirel vum duerch-

schnëttlechen Zouwuess gehaen däerf ginn. Dësen Zouwuess muss anhand vum Inventaire ermëttelt ginn. De Fënnfjoresduerchschnëtt ass do entscheedend. Dësen Inventaire muss all zéng Joer vum Service „Forêts“ gemaach ginn a beinhalt beispillsweis d'Bamaart, de Bamalder an den Zouwuess pro Parzell. Dës Mesure erlaabt et, Holz a Bëscher ze exploitéieren, ouni de Risiko anzegoen, dass méi Holz erausgehall gëtt wéi nowuesse kann.

De virleiende Projet de loi ass souwuel vum Conseil d'État wéi och vun der Chambre de Commerce an der Chambre des Fonctionnaires et Employés publics ouni gréisser Remarque guttgeheescht ginn.

Erlaabt mer awer, Dir Dammen an Dir Hären, op d'Urgence vum virleiende Projet anzegoen. D'EU-Direktiv 995 aus dem Joer 2010 verbitt, dass Holz, dat net entsprechend de geltende Gesetzer gehae gëtt, weider op de Marché kënnt. Mir sinn domat aktuell an der Situatioun, dass vill Holz aus eise Bëscher riskéiert, net däerfe verkaf ze ginn, well den Aménagementsplang net virläit respektiv op en Enn geet. Mir hunn also en dréngenden Handlungsbedarf, fir de virleiende Gesetzesprojet ze stëmmen.

Géif dëst Gesetz net gestëmmt ginn, esou géif dat manner Statsrecetten duerch den Holzverkauf an Héicht vun ongeféier 1,5 Milliounen Euro bedeiten an d'Aarbechtsplaze vun ongeféier 180 Leit sténgen um Spill. Dat däerfe mer net zouloossen!

D'Kommissioun huet mä Rapport unanime ugehall a schléit dem Plenum vir, den Text esou ze stëmmen, wéi e virläit. Ech wëll da vun dëser Plaz och den Accord vun eiser Fraktioun ginn a bieten lech, dëst Gesetz ze stëmmen.

Ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. le Président.**- Ech géif eise frësch gebakene Rapporteur och villmools Merci soen an d'Wuert dann direkt weiderginn un den éischte Riedner, deen den Här Marco Schank ass.

**Discussion générale**

► **M. Marco Schank (CSV).**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir d'Éischt emol wollt ech dem Max Hahn fir den ausféierlechen, exzellente Rapport Merci soen. Mir hatten eng gutt, wann och eng kuerz, mä eng exzellent Diskussioun och an der Kommissioun. Ech wollt och soen, dass mir als Fraktioun ganz frou sinn, dass déi nei Majoritéit dee Projet hei ganz séier op den Ordre du jour geholl huet.

Dir wësst, dass ursprüngelech virgesi war, dese Projet net als autonoomt Gesetz virzugesinn, mä am Kader vun dem Naturschutzgesetz stëmmen ze loossen. Dat huet déi al Majoritéit schonn am September 2012 deposiert. Den Avis vum Statsrot koom fir dee Projet am Februar 2013. An et ass am Fong ganz schued, dass d'Gesetz net méi konnt diskutéiert gi respektiv votéiert ginn. Dofir ass et noutwendeg gewiescht, fir dese Projet méiglechst séier dann als autonoomt Gesetz virunzeginn, aus deene Grënn, déi den honorabele Max Hahn elo grad beschriwwen huet.

Ech wollt awer soen, dass ech eigentlech ganz frou wier, och mir als Fraktioun, wann déi nei Regierung méiglechst séier d'Naturschutzgesetz kéint op de Leescht huelen. Mir waarden drop mat Schmärzen, mir alleguerten, net nëmme fir d'Erhale vun der Biodiversitéit hei zu Lëtzebuerg, mä och fir d'Stärkung vum kommunalen Naturschutz a virun allem och weinst der Vereinfachung, där administrativer Vereinfachung, well eleng acht Mesurë sinn an deem Projet dran, acht vun deene berühmten 20, déi mer Enn Mee och der UEL presentéiert haten. Ech wollt just dorunner erënneren.

An och verbonnen domat dann: Vläch kann d'Ministesch eis soen, wéini ongeféier d'Regierung gedenkt, dee Projet dann ze adaptéieren, fir dass mer e kënnen diskutéieren an der Kommissioun.

A vläch eng lescht Fro: D'Aménagementsplang fir d'Bëscher vun de Gemengen a vun den Établissements publics, déi si jo schonn ofgeschloss, souwäit ech weess. Da feelen elo nach just déi vun de Statsbëscher. An ech wollt eigentlech d'Ministesch froen - si gëtt zwar grad gestéiert, mä ech wollt froen -, wéini mer kënnen dovunner ausgoen, dass och d'Aménagementsplang vun de Statsbëscher ofgeschloss wieren.

Ansonste wollt ech zum Schluss den Accord vu menger Fraktioun ginn.

Ech soen lech Merci.

► **M. le Président.**- Merci dem Här Schank. Den Här Fränk Arndt.

► **M. Frank Arndt (LSAP).**- Virun allem och e Merci un de Rapporteur Max Hahn fir déi gutt Aarbecht, déi e geleescht huet, och fir déi kleng Geschicht do, déi mer nach mat age-

reecht kritt hunn. Wann een op 1840 zrëckgeet, Max, dann ass et wierklech flott ze héieren, wat mer hei elo geännert hunn. Ech mengen, et ass och wichteg, fir eng nohaltege Forstwirtschaft ze garantéieren, dass mer duerch des Emännerung vun deem Artikel och méi flexibel ginn, wat d'Ausschaffe vun de Forstwirtschaftspläng ausmécht.

An ech denken och, dass et verhënnert, dass mer Auswierkungen op den Emploi kréien, wéi et richteg ugekënnegt ginn ass, an och d'Aktivitéiten am Secteur net verhënnern. An deem Sënn ass d'LSAP-Fraktioun natierlech och ganz gär bereet, fir och do d'Ennerstëtzung ze gi fir dese Gesetzestext.

Merci.

► **M. le Président.**- Merci dem Här Arndt. D'Madame Loschetter huet d'Wuert.

► **Mme Viviane Loschetter (déi gréng).**- Jo, ech schlësse mech deene Mercien un. Merci, Här Hahn, Dir hutt wierklech e flotte Rapport hei virbruecht. Are schréffleche Rapport ass och ganz pertinent. A mir als gréng Fraktioun kënnen nëmme esou e Projet ennerstëtzen, mat allen Argumenten, déi Der och virgueluecht hutt.

An, esou wéi den Här Schank et och richteg gesot huet, mir waarden och „mat Schmärzen“ a mir hunn och an der Vergaangenheet mat Schmärzen op all Verbesserung am Naturschutzgesetz, an der Forstverwaltung gewaart, wat schlussendlech der Liewensqualitéit an dem Erhalt vun der Biodiversitéit an deem Land kann nëtzen. Mä dat da sécherlech bei engem nächste Gesetzesprojet.

Mir gi selbstverständlech den Accord vun der grénger Fraktioun zu deem Projet.

► **M. le Président.**- Merci. Dann huet d'Regierung d'Wuert.

► **Mme Carole Dieschbourg, Ministre de l'Environnement.**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären Deputéiert, ech wëll fir d'Éischt emol dem Rapporteur Merci soen, dem Max Hahn, fir säin exzellenten a prezise Rapport. Et war schonn an der Kommissioun esou, dass deen éischten Entworf schonn exzellent war, an dee geschriwwenen an dee mëndlechen. Ech muss soen, villmools Merci fir déi gutt Zesummenaarbecht!

Erlaabt mer, kuerz an dräi Wieder nach op de virleiende Gesetzesprojet anzegoen, mat deem mir eis engersäits konform setzen zum EU-Reglement an awer och de Besoinen vun enger nohalteger Bëschgestioun Rechnung droen. Et ass, éischstens, eng Vereinfachung, zweetens gi mer eis duerch dat Gesetz méi Flexibilitéit, fir och der Multifunktionalitéit vun eise Bësch gerecht ze ginn. An dann hu mer, drëtzens, och nach de Principe de précaution.

Ech si frou, hei ze héieren, dass vun alle Säiten dat heite begrësst gëtt. Ech soen lech dofir Merci.

Fir kuerz ze äntwerten. Mir si ganz aktiv un deenen zwee Projeten um schaffen. Mir wäerten déi nach dëst Joer, dat eent, hat ech lech an der Kommissioun scho gesot, d'Naturschutzgesetz, nach virun der Summervakanz, an dat anert da bis Enn vun deem Joer versichen duerchzekréien. Natierlech schaffe mer esou schnell wéi et geet. Et muss een och soen, et waren nach net all d'Punkte gekläert, zumindest am Naturschutzgesetz, wéi mer ukomm sinn. Mir si ganz aktiv um schaffen a bréngen dat ganz schnell op de Wee.

Villmools Merci.

► **M. le Président.**- Merci och der Madame Minister. Domat wäre mer um Enn vun eisen Diskussiounen zum Projet 6609 a mir géifen zur Ofstëmmung iwwergoen.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi 6609 et dispense du second vote constitutionnel**

D'Ofstëmmung fänkt un. D'Procuratiounen. De Vote ass eriwwer.

Mir hunn 59 Votanten an 59-mol Jo. Domat ass de Projet unanime ugehall.

*Résultat définitif après redressement: le projet de loi 6609 est adopté à l'unanimité des 60 votants.*

*Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Luc Frieden, Léon Gloden (par Mme Nancy Arendt), Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Jean-Claude Juncker (par M. Laurent Mosar), Aly Kaes, Marc Lies, Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes (par M. Marcel Oberweis), Claude Wiseler et Michel Wolter;*

*MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel (par M. Claude Haagen), Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;*